Här Claude L. Davit,

Do leit Dir awer fatzeg dernieft mat Ärem Artikel « ASTI, CLAE … revendications !? Y en a marre ! » ofgedréckt am Tageblatt vum 8. Mäerz 2010, zumindest wat Är Virwërf d'ASTI betreffen !

Eise leschte President, de Serge Kollwelter, dréckt sech, wann en op Lëtzebuergesch gefrot gett, och op Lëtzebuergesch aus. Lauschtert oder liest seng lescht « carte blanche » op rtl.lu vum 22. Februar vun dësem Joer zu den A.s.b.l.en, déi ass op Lëtzebuergesch.
Eis Presidentin, d'Laura Zuccoli, schwätzt sou gutt Lëtzebuergesch wéi hire Virgänger. Lauschtert si beispillsweis op dem Radio 100,7 den 13. Februar 2010 an der Emissioun « Riicht eraus ».
Wat mech ugeet als Spriecher, weisen ech just op de Bericht vum 15. Dezember 2009 am « Journal » vun halweraacht vun Télé-Lëtzebuerg op RTL hin, wou ech ee Sondage kommentéiert hunn.

Dëst si just e puer Beispiller, an ech hoffen, Här Davit, datt ech heimat Är Virwërf, mir vun der ASTI géifen eis net op Lëtzebuergesch ausdrécken, entkräft hunn.

Wa mir awer Communiqueeë veréffentlechen, da benotze mir déi hei am Land geleefeg « langue administrative », an dat ass bekanntlech Franséisch.

Mir soen Iech awer Merci fir Ären Artikel, well doranner schreift Dir, Dir géift eis Revendicatioune verstoen a matdroen. Wat mir eis zu méi drusetzen fir ee gutt an harmonescht Zesummeliewen ze erreechen, desto besser ass et, an dat geet dann och an alle Sproochen. Vergiesse well ech awer net datt mir als ASTI ee Buch mat engem Pins erausginn hunn dat mëttlerweil schonns an der 4. Oplo ass mat 7.000 verkaafte Bicher mat dem Titel „Ech schwätzen – och – Lëtzebuergesch". Donieft organiséiere mir zënter Jore Coursen fir Lëtzebuergesch ze léieren, an zwar als eenzeg hei am Land, Sonndes, a mir hu lo grad e « coaching » vun der Sprooch an d'Liewe geruff, wou eng Persoun déi Lëtzebuergesch léiert vun enger anerer déi Lëtzebuergesch schwätzt eemol an der Woch am Alldag begleet gëtt.

Här Davit, ech wetten datt Dir nach weider gutt Virschléi hutt, wéi mir et nach kënnte besser maachen. Zéckt net eis se ze ënnerbreeden. Souwäit et eis méiglech ass, wäerte mir se gären ëmsetzen.

Bescht Gréiss
Jean Lichtfous
Spriecher vun der ASTI asbl.

Association de Soutien aux Travailleurs Immigrés
*association sans but lucratif*
CCP ASTI IBAN LU44 1111 0652 9615 0000
10-12, rue Auguste Laval
L-1922 Luxembourg
www.asti.lu
tél (+352) 43 83 33
fax (+352) 42 08 71
ensemble@asti.lu